Allianz vun Humanisten
Atheisten & Agnostiker

# Denkt selwer, ier Dir eppes maacht!

## Carte blanche vum Laurent Schley op RTL-Radio

06.05.2014

*De Sproch vun der kathoulescher Kierch fir d'Oktav ass dëst Joer „Maacht dat, wat HIEN iech seet!". Einfach nëmme krass, fënnt de Laurent Schley, President vun AHA, a senger Carte blanche mam Titel „Denkt selwer, ier dir eppes maacht!"*

Um aktuellen Stand vun der Wëssenschaft ass et sécher schwéier, zu enger Relioun an engem Glawen ze stoen, dee propagéiert, datt virun 2000 Joer ee Kand ouni Sex soll entstane sinn – haut gëtt et kënschtlech Befruchtung – Doudeger operstinn oder Jongfraen an den Himmel fléien, jo ee „Gott" d'Welt erschafe soll hunn. Zu allem Iwwerfloss posaunt d'kathoulesch Kierch elo am Mee 2014 an hirer Oktave am Kommandotoun raus: „Maacht dat, wat Hien iech seet!" Dee „Gott" also.

Op di gelungen Geschichten do ugeschwat, huet e Journalist vun der Kierchenzeitung *Lëtzebuerger Wort* mir eng Kéier gesot: „Iwwer Glawen a Relioun schwätzt een net!" Mee firwat dann net? Firwat kann een d'Thema Relioun, de blanne Glawen un eppes Onbewisenes an Onbeweisbares net genau sou kontrovers diskutéieren wéi z. B. Politik? Firwat kann een op där anerer Säit net oppe soen, datt ee Verfechter ass vum kriteschen Hannerfroen a vum rationnellen Denken?

Kann ee jo, sot dir mir zu Recht. Mee firwat maachen et sou wéineg Leit?

Gläichzäiteg si vill Lëtzebuerger, ob gleeweg oder net, absolut net mat enger kathoulescher Kierch als Institutioun d'accord, z.B. wéint där hirer Positioun zur Verhütung, hire Rôle am 2. Weltkrich, Diskriminatioun vu Fraen an Homosexuellen, Indoktrinatioun vun de Kanner an der Schoul, Kannermëssbrauch an di systematesch Vertuschung dovunner, a.s.w. Richteg opbruecht sinn d'Leit, wa grad sou eng Institutioun all Joer en 2-bis-3-stellegen Milliounebetrag u Steiergelder direkt oder iwwer Ëmweeër eragepompelt kritt.

Well se verstanen hu wéi d'Reliounen d'Mënschen iwwer den Dësch zéien, fille sech eng Partie Leit an der Verantwortung, fir dee reliéisen Obskurantismus ze entlarven, natierlech friddlech, an engem Geescht vun Toleranz a mat vernünftegen an objektiven Argumenter. Wat d'Leit mat deenen Informatiounen maachen, ass jidferengem selwer iwwerlooss. Wat ee gleeft, steet jidderengem fräi. Humanisten wëllen forméieren, mee natierlech kengem eppes

A.H.A. Lëtzebuerg a.s.b.l.
ADRESSE POSTALE : B.P. 1013, L-1010 Luxembourg
CCPLLULL: LU56 1111 3101 1809 0000
R.C.S. Luxembourg F8374
SIÈGE SOCIAL: 1, rue Guillaume de Machault, L-2111 Luxembourg
www.AHA.lu
E-MAIL: info@aha.lu

opzwéngen. Dat ass den Ënnerscheed zu de Reliounen, di vis-à-vis vu net-reliéise Leit dacks eng Null-Respekt-Schinn fueren an se probéiere monddout ze maachen.

Reliounen komme mat krasse Spréch wéi: „Maacht dat, wat Hien iech seet!“, fir am Kommandotoun dat blannt Follechen an den onhannerfrote Glawen un een net bewisent „Hien“ opzezwéngen!

Anstatt sech vun der kathoulescher Kierch bevormunden ze loossen, fannen ech perséinlech, dass et am opgekläerte Lëtzebuerg vum 21. Joerhonnert méi sënnvoll ass, selwer ze denken a sech géint all Form vun Diskriminatioun, awer fir Fräiheet, Demokratie a Selbstbestëmmung vun deem Eenzelnen anzesetzen, am Respekt vun de Mënscherechter. Gesellschaftspolitesch Reforme sinn dofir dringend noutwendeg.

Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker Lëtzebuerg a.s.b.l. (AHA), www.aha.lu
Member *Alliance for a Secular Europe*
Member *European Humanist Federation*
Member *International Humanist and Ethical Union*